Mamer, den 3. September 1967

Dir Dammen an Dir Hären,
Frönn a Bekannten,
Komerôdinnen a Komerôden

A menger Begrê'ssung wöll ech net nach eng Ke'er all ons Invité'ert persenlech an hir Organisationen énzel opzielen dé onser Invitation Folleg geléeht hun an hei présent sin; de President vun der Mamer Amicale huet et gemacht. Méng Begre'ssung göllt iech alleguer, dé haut no Mamer komm sin an am Numm vu mengen Komerôden aus dem Féderationskomité an a mengem égenen Numm soen ech iech alleguer e wärmste Merci fir Är Participation un der heitegar Journée Commémorative.

Mir all dé ons haut erem hei zu Mamer zesummen font hun, fir onsen ongléckleche Kanner, Mammen, Pappen, Komerôdinnen a Komerôden ze gedenken, stellen dé gr'oss Letzeburgesch Famill duer, dé et am Krich gewôt hât dem Preis d'Stier ze bidden, dé d'Hémechtsle'ft net nemmen wollten en eidelt Wuert si lôssen an dé beréd war, oni Recksicht op persenlech Verloschter, dé verlangt Affer fir Letzeburg ze brengen.

Dé wo haut nach hei zu hire Méderche a Jongen vun démols stinn, zu dé'nen stinn och haut nach d'Jongne an d'Méderche vun démols!

An dé, dé haut o'ni trefteeh Grönn, net hei stinn, dénen hir Herzer hun och am Krich net oprichteg fir d'Hémecht geschloen. An dat wât sie vielleicht enner dem Schöld vu Patriotissem gewôt hun, war dikté'ert vun erhofften persénlechen Avantagen. Mä haut, wou' et nemmen drem gét fir zu E'er an zum Undenken vun déne beschte Letzeburger aus dem leschte Krich en Nômötten ze afferen, dat klengt net an hirem egoistesche Geldbeidel an dofir sin se och net hei.

Abé, op dé Kategori vun "och Letzeburger" verzichte mir

gären!

Dé brauchen mir awer och absolut net bei ons! D'Undenken un ons Onglécklech ass ons vill ze helleg fir dass mir ons durch d'Präsenz vun Hypokriten, Theaterspillerten an Heuchler ste'eren lossen. All dé, dé brauchen mir net hei bei eis. Mir verzichten gro'sszigesch op hir Präsenz!

---

Etsass dest ons 7. Journée Commémorative an et sin gleichzeiteg 25 Jo'er hir zenter déne schwärzten Dég vun 1942. Fir d'échte Ké'er stinn ech net mat eidelen Hänn hei. Wärend 6 Jo'er hun ech emmer erem behâpt, dass ons Solidarité an Zesummenhâlen zum Ziel fé'ere géwen.

Des Solidarité huet hir écht gre'sser Frichte gedroen.

D'Gesetz vum 25 Februar zu Gonschten vun de Nazi Affer huet fir ons Enrôlés eng Rei vu Satisfaktio'nen braecht.

Wann haut é kent a sech Lorbieren fir dest onkomplett Gesetz em seng Politiker Stier wékele wellt, da lâcht em frendlech an durchkuckt en wé kloer Wasserzopp.

Wann ons Associationen net do wären,

Wann ons Fédération net geschâfe gi wär,

a wann Dir alleguer, dé dir hei sid, net jo'erelang trei zesummen gestânen hätt a net all Jo'er op onser Journée mat "présent" ge'Entwert hät, dann hät Letzeburg nach net dat Gesetz vum 25 Februar zu Gonschten vun Nazi Affer.

Et soll ké kommen a so'en, mir hätten dât och o'ni iech gemât. Et ass kâm, well d'Gerechtegkét op onser Seit ass, a well ons Solidarité an Durchhâlen all Verdré'ungen, Fälschongen a Verleimdongen op kurz oder lang verschwannen do'en.

Leider huet d'Gesetz vum 25 Februar nach net mat alle Verdré'ongen, Fälschongen an Verleimdongen opgeraumt. An dé dé sech gént définitiv a komplet Lé'sungen gewiert hun, bu sech selwer e schle-

chten Dingscht geléĉht. Da mussen dé Responsabel eben nach eng Ké'er ufänken; a wann et bei der nächster Ké'er nach net alles soll sin, da gett et eben och nach eng 3te Ké'er an esoguer eng 4. a 5. Ké'er. Well mir, mir gin ons net. Doeriwer bestét bei ons kén Zweiwel. Zwar schlé't der Do'd och an ons Rei'en, awer mir sin nach zu vill an do wo d'Reien vun onse Pappen a Mammen eidel ginn, do föllen ons Kanner se erem op. Wann also nach en Responsabelen sech mam Gedanken ofget elo wäre mir zeideg fir ze verschwannen, dé soll ro'eg bis op Mamer lusse kommen, an och d'nächst Jo'er op ons Journée 68; mü bir bei ons breuchen ons Responsabel Leit esolang keng Stömmen sammelen ze kommen esolang net all Fro'en em Zwangsrekruté'erten zefridden geklärt, an all Diskriminatio-nen aus onsem ommineusem Kriegsschädegesetz verschwonne sin.

Ons brauch ké me' ze bluffen!
A mir lossen ons och net bluffen!
Vu kéngem Minister an och net vun engem Staatsminister!
Vu kénger Partei an och vu kengem Deputé'erten.

An déne vergangene Jo'eren hun si ons Gelégenhét genug ginn fir können d'E'erlechkét vum Bluff ze ennerschéden. Mir waren oft genug an onser Chamber fir dât traurecht Theaterspillen ze erliewen.

Ets soll ké so'en mir hätten ké Respekt fir ons Institutionen! Net mir energroewen d'Achtung an d'Vertrauen an ons politesch a staatlech Institutionen. Mä d'Repräsentanten selwer vun dese Gremien suergen dofir dass dém eso ass.

Wann et verlangt gett, mir si gären berét ze beweisen wât mir behâpten.

Kann en Deputé'erten nach ons verlangen, Respekt a Vertrauen an hien ze hun, wann en ons Recht gett a verspricht zu onser Fuerderong ze stoen an dann wann et göllt an hien seng parlamentaresch individuell Responsabilitét iwerhuele soll, dann wé a gedellegt Schôff mam Kapp eso wénkt wé sei Leader firschreiwt.

Wat solle mir nach vun engem Minister hâlen dén ons an sengem iwerzégendem To'n opfuerdert, Virschlé zu engem Regierungsprojet

ze machen a gleichzeiteg dem Staatsrôt wessen dét dass um Regierungs-

projet neischt ze ënneren ass.

Droe mir de Schold drunn dat mir ké Vertrauen a Volleks-

vertrieder a Regierungsleit hun?

Schon émol, mir were knapps aus der Scho'l, go'wen ons

Pappen a Mammen o'ni Direktiwen an Höllef vun onsen Regierungsleit am

Plang gelôss, wé den Röper ons Hémecht iwerfall huat.

Dono gowen mir vu London aus mat "Jonge lâft iwer" an

dem Do'd gejôt. Vill vun dénen dé mir haut gedenken hun des Direktiven

mé ëscht gewoll wé dé, dé se iwert BBC London ausposaunt hun o'ni dass

d'Folgen dofun genügend preparé'ert woren. Bis haut sin des Onverant-

wortlech iwerhâpt emol nach net zu Rechenschaft gezu gin schon blôse

se erem gro'sse Te'n op Europäeschem Plang. (Aremdt Europa)

Den 3. Schlag: Ons Generation get nach no Kriebsönn wei-

der zu Tambow verbludde gelôss, well et Leit gôw dé zwar haut als gr'oss

Europäer gefeiert, gefârt hun dass dé verôden Jo'ergäng zefré an d'Hé-

mecht zereck ké'wen an hir Position nach net genügend erem gefestegt wär

An du kumm d'Kriegsschädegesetz: Diskriminationen, Dés-

avantagen a Schiedegongen fir d'Enrôlés de Force.

An der Tschenzeit fei'eren d'Politiker en Erfolleg:

D'Ligne "Ons Jongen" stéiwt enner dem Drock vun der Politik. An dam

Terrain ass gönschteg fir d'E'er an d'Usprech vun de Jongen an de Méder-

cher eng weider Ké'er am Deitsch-Letzeburé'sche Vrtrag fir e pur prei-

sch Dekorationen ze verkâfen. Well nun awer bekanntlech all Fâss

émol iwer léft, huet et missen zur Grönnung vun onser Féderation kommen,

an net nemmen ons Féderation ass erstânen, mä wât fir ons vill mé wich-

teg ass, all dé Leit déne mir als Enrôlés onst Liewe lâng zu Dank ver-

pflicht sinn a verpflicht wölle bleiwen hun sech erem zu ons fond zu ons

bekannt a beweisen haut durch hir Präsenz hei, Mir Solidaritéit ons vi-

run aller Oeffentlechkét. Nemmen e geénte feste Block vun alle Lëtzebur-

ger, kann endlech all Problémer a Follegen aus der schwerer Krichszeit

zu enger Lé'sung brengen. Egal , ob Krichsgesche'en se an d'Kazett, Pri-

song oder an Déportation verschlo'en hät: op mat der Mitraillette an der Hand fir d'Freihét gestridden, oder an enger verhâster Uniform mat Sabotage an Zerstzung sech revanché'ert, oder dé 3500 Refractören der preisecher Kriegsmachine entrass: All dé hätten hirt' Liewen op d' Spill gesât fir eng frei a proper Hémecht an all déselwecht sin och haut berét zesummen fir eng frei a proper Hémecht ze suergen. Wât leit mé no, fir dé, déne mir en Dâr am A, onst Zesummenhâlen ze zersté'eren. An och virum Vôtum vum Gesetz vum 25. Februar an och dono ass des Métho fleisseg ugewandt gin.

Wât de Kapitel (la résistance) aus dem Gesetz zm Gonschten vun de Nazi Affer betrefft hun d'Résistenzorganisationen enner der Lédung vum Conseil de l'Ordre de la Résistance déklaré'ert: Mi gé'w d' Résistenz dese Projet akzepté'eren a mat alle Mettele sech gé'ngt de Votum wiren. Ons Fédération huet sech berét erklärt hannert de Fuerderungen vun der Résistenz ze stoen, a wé mir gesin hun, dass d'Aussichten fir d'Résistenz schlecht stungen hu mir en engen lechte Versuch em Comité vun der L.P.P.D. offré'ert onst ganz Gewicht anzesetzen fir der Résistenz ze höllefen. Wat ass geschitt? Vun onser Offer ass net profité'ert gin. E puer Loftblosen fun e puer führend Leid an e bessen Theater fir d' Tribün an d'Résistenz huet misse schlécken wât d'Regierung zervé'ert an d'Chamber akzepté'ert. Mir fro'en ons, ass d'Résistenz verrôde gin? Hun dé 1000 vun trei Résistenzler net gemirkt wé e pur führend Leit fun hiren Organisationene an Amicalen aus perséinlechen Avantagen sech plötzlech net mé gé'nt dé kurz virdrun kondanné'erte Projet mat déne neidegen a méglzchen Protestaktionene gewirt hun? D' Résistenzorganisationen hun dé Regierungsprojet ofgelént a wât fir Leit fanne mir haut an dém vun der Regierung geschâfenem Conseil National de la Résistance? Wien huet firun de Résistenzorganisationen de Regierungsprojet als onakzeptabel déklaré'ert a wien ass haut um Posten vu Commissaire? Wât fir eng Grupp ass sech konséquent bliewen. Kén Enrôlé de Force, ké Member aus engem vun onsen Zentralkomité'en a fun onsen Organisationen fann Dir an desem Conseil National.

Ons Direktiven a Verhâlen gi bestömmt vun onse Memberen, an onsen Délégé'erten an den Generalversammlungen an doerunner huen sech all Comitésmemberen gehâlen. Dir allegur dé dir hei sit lêd d'Verhâlen vun onsen Fédérationscomitésmemberen fest an eso lang wé dir alleguer net bestömmt dass ons Richtung geännert gett, kann ech iech versecheren dass ke vu menge Comitéamemberen nach ech selwer en ânere Wé ginn.

Et kann é mech frôen wât d'Résistenz ons ugét a firwat ech des Frô haut hei ugeschnidden hun? Abé, well den Enrôlé de Force eso änk an eso fest mat den eschte Résistenzleren verbonnenass, a well mir all déne gudde Letzeburger dé ons op iergend eng Mané'er gehollef hun eso zu Dank verpflicht sin, dass mir et net verdroen an dass et ons och net kann égal sin wann ében mat dese Leit de Geck gemât gett a wann eso trei an dâper Letzeburger wéinst perséinlechen Intérèen verrode gin.

---

Zum Gesetz vum 25. Februar dât verschidden Consechten fir d'Affer vun de Nazioccupation firgeseit well ech nach e pur wésentlech Wierder verlé'eren. Ech kann hei net an all Détailler ago'en an d'Bestemmungen erläutern. Dât nun a mâche mir an onse Versammlungen a publizé'eren et an onsem "Sacrifié". Mê e gro'ssen Sich hu mir erréecht:

1. Diskriminationen am Rapport mat den Affer vun onsen ongléckleche Komerôden a Komerôdinnen si verschwonnen an hir E'erung ass gesechert. Dât héscht an anere Wierder hir Kanner si net mé Orphelins de Guerre mäoch Pupilles de la Nation. Keng Mannerberechnung mé bei de Witfra'enrenten. Den Titel"Mort pour la Patrie" ass einwandfrei gesetzlech gesechert an trotzdem lécht sech an desem Zesummenhang onverbesserlech an onoprichteg Géschter wé mir de Fall em d'Plaquette am Musée de la Résistance zu Esch kennen, Aeusserungen a Positionen dé ons öffentlech Protestation op den Dill rufe muss. Wann de Pitti Meyer vu Knapp Hueschend bestreid dass ons Komerôdinnen a Komerôden hirt' Liewen net fir d'Hémecht gin hätten, ass dât zwar sé"er bedauerlech awer net tragesch. Wann âwer de Burgerméschter vun Esch an Déput'erten

dât selwecht behâpt a sech ge'nt Ausfé'erungen vum Gesetzgeber wöllt wieren dât könne mir net schlécken!

Wât dé nei Elterenrentenreglung betrefft, begré'ssen mir zwar dé nei Dispositionen, bedauren awer dass ons Virschlé' net akzepté'ert gowen. Vum finanzielle Stand aus woren ons Fuerderongen net mé hé'ch wé dât elo eraus kennt. Ons Proposition hät awer d'Solidarité vun de Letzeburger ennerstrach an d'Elteren hätten bestemmt de moralesche Wert vun enger Rente de Reconnaissance vill mé apprécié'eet wé dé puer Frang dé dé eng elo kré'en an dé aner net. Och ass et sé'er bedauerlech dass den Här Staatssekretär Vouel net zu sengem Wuert aus der Chamber stét an einfach déklaré'ere kann, dass dât wât am Analyteche Bericht stét hien net gesôt hät.

Als zwété gro'ssen Zug aus dem Gesetz well ech d'Unerkennung vun den Enrôlés de Force als Nazi Affer ervierstreichen. Zwar kann et ons absolut egal sin ob e Gesetz des Bezéchnung verankert öder net. Mir hun et um égene Leif a Sél gespuert dass mir d'Affer vun desem Verbriecherregim woren. Awer an der Réalisation vun onsen materiellen Fuerderongne vis à vis vun Deitschland huet ons des Unerkennung wichteg geschingt. Et ass nemmen bedauerlech dass dé verschidden Regierungen des Wichtegkét net éschter erkannt hun oder net wollten an eng Entschiedegung vu Seiten Deitschland's erméglecht hätten.

Gönschteg Viraussetzungen sin also durcht Gesetz vum 25. Februar en deser materieller Frô geschâffe gin an et ass kloer dass mir elô eso lang mir bestin, verlangen dass ons Regierung ons Créan-ce dé mir un Deitschland hun eran dreift. An dém Zusammenhang frét et mech un hei ze ennerstreichen dass onse jetzegen Aussenminister den Här Gregoire eng glécklech Initiative ergraff huet a versicht ons d'Land aus der ongönschteger Situation erem eraus ze manövré'ren an dé d'Chamber et gestirzt hat wé no dem "Bonner Nén" se verlangt huet d'Preisen virun en International d'Gericht ze huelen. Onse Fédérationskomité approuvé'ert de Minister a senger jetzsecher Bemé'ung. Mir hoffen a wönschen dass sein Optimismus zum Ziel fé'ert. Well den Här Gregoire zur Zeit

an Amerika ass, war et ons net mé mé'glech den allerlechte Standpunkt
vun de Verhandlungen ze erfuelen an hei iech bekannt ze gin. Eppes
wölle mir bim awer un d'Herz lé'en. Net op d'lang Bank kann des Reg-
lung sech schiebe lôssen.

An eng leascht Frô well ech nach beäntwerten. Et ass dé,
wé reimt sech de Gedanken vun enger Journée Commémorative mat matéril-
len Fuerderungne an Uprangerung vu Messtönn. Wât gé'wen ons Helden a
Martyrer heizo' so'en? Wé mir ons ons onglécklech Komerôdinnen a Kome-
röden virstellen wé mir fir d'lescht bei hinne woren, wé mir zesummen
ennert dem Freis gelidden hun, a wé mir ons mat hinnen gént hé'n ge-
wi'ert hun a wé mir ons ons frei Hémecht no der Nidderlag vum Hitler-
regim duergestallt hun, da könne mir ons nemmen all des gudd Letzebur-
ger virstellen dass och sie nie a niemols mat de Lésongen an Zoustänn
wé mir si hatten an haut nach hun d'accord wi'ren. Da gesé'ch ech sie
allegur och haut hei stoen, op Resistenzler, Anciens Combattants oder
Enrôlés a sech asetzen a streiden fir d'Ongerechtegkéten verschwannen
ze lôssen a gerecht Fuerderungen ze réalisé'eren. Dofir, wé si all
verént haut an der Ewegkét, eso lossen och mir gehént ons Ustrengungen
verstärken, Ons Haltung a Verhâlen soll eso sin, dass mir dénen dé mir
haut é'eren richt an d'Aen kucken können. Mir mussen iwerzécht sin,
dass mir ons Engagementer anhâlen? Dât réalisé'erenwât mir agange si
wé mir si verlôss hun, wé mir hinnen kurz ér si d'Aen zougemât hun
geschwuer fir hir Kanner, Mammen a Pappen ze suergen. An so Erhiewen
mir och haut erneist ons Hand zum Schwuer a widerbuelen:

Dat mir net zoulôssen dass d'E'er an d'Undenken vun alle
Letzeburger Helden a Martyrer aus dem leschte Weltkrich je besudelt gin

Dass mir weider an engem gro'ssen ge'énten Block zesum-
men stin a weider streiden bis all Ongerechtegkéten verschwonnen sin.

Dass mir net opgin bis dén ugerichtene Schued eso weit
wé méglech réparé'ert ass.

An dass mir ons méglechst Ustrengungnen mâchen fir dass
dât Unhél wat iwer sie an ons eragebrach net nach eng Ké'er sech wi-

derhuelt.

Eso hun sie sech eng frei a sché'n Hémecht firgestallt, an eso wölle mir frei a ro'eg an engem zefriddene Letzeburg liewen, e Letzeburg dem d'E'er vu sengn Beschten iwer d'alles leit.